N°2963
Entrée le 30.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro N° 2963 vum 30. September 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte viséiert a senger Fro engersäits antisemittesch Kommentarer an anersäits Akten a Kommentarer déi dem israeelesche Staat säin Existenzrecht ofstreiden, also antizionistescher Natur sinn. Dëst sinn zwou verschidden Interpretatiounen, déi am Kontext vum israelo-palestinensesche Konflikt net dierfe matenee verwiesselt ginn.

1. **Wéi bewäert d'Regierung Plakater op Manifestatiounen, op deene Protestanten dem israeelesche Staat säin Existenzrecht ofstreiden?**

Den Deputéierte präziséiert net wéi eng Messagen op Plakater vu Manifestante gemengt sinn, esou datt een net ka soen ob dës Plakater eng Strofdot duerstellen nom Lëtzebuerger Recht oder net.

Esou wei an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 2798 schonn erkläert, gesäit de Code pénal am Artikel 457-1 vir, dass "incitation à la haine ou à la violence à l'encontre d'une personne, d'un groupe ou d'une communauté" eng Strofdot duerstellen. Den Artikel 457-3 vum Code pénal viséiert " négation,banalisation, l'excuse ou la justification des crimes graves".

D'Regierung akzeptéiert net, dass am ëffentleche Raum Message propagéiert ginn, déi gesetzeswiddreg sinn an Haass verstreeën.

2. **Wéi bewäert de Comité interministériel pour le suivi du plan d'action national de lutte contre l'antisémitisme (PANAS) déi aktuell Situatioun ëm den Antisemitismus?**

De Comité de suivi vum « Plan d'action de lutte contre l'antisémitisme (PANAS) » setzt sech a senge Reunioune mat engem negativen Trend auserneen, dee seit dem 7. Oktober 2023 erkennbar ass, well de Konflikt am Nohen Osten och e groussen Impakt op déi europäesch Gesellschaften huet. Allgemeng ginn zu Lëtzebuerg manner Fäll vun Antisemitismus festgestallt wéi an eisen Nopeschlänner.

De Comité de suivi trefft sech ënner anerem mat den Acteuren, déi am Beraïch vum Kampf géint de Antisemitismus eng direkt oder indirekt Roll spillen. D'Ausschaffe vu Propositioune fir den PANAS ëmzesetzen an d'Sensibiliséierung fir de Kampf géint den Antisemitismus an eiser Gesellschaft stinn am Mëttelpunkt vu sengen Aktivitéiten.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Lëtzebuerg, den 30.Oktober 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN